

# Panda-News



[www.panda-club.lu](http://www.panda-club.lu)  
[panda-club@mnhn.lu](mailto:panda-club@mnhn.lu)

fir Jonker vu  
6-10 Joer

# Kalenner

Familien

9-10 Joer

6-8 Joer

Januar	Februar	Mäerz	Aprëll
1	1	1	1
2	2	2	2 Natur-Rallye Natur-Rallye
3	3	3	3 Abenteuer Bësch
4	4	4	4 Abenteuer Bësch 2 Deeg Velo zu
5	5 Ta-Schma-Ri Storchen a Fligeren	5 Zaubertei mat Hunneg D'Natur erwächt	5 Eilennuecht Remerschen
6	6	6	6
7	7 Ta-Schma-Ri Storchen a Fligeren	7 Zaubertei mat Hunneg Sching Schong	7
8 Vullerrestaurant	8	8	8
9	9 Waasservullen op der Sauer	9	9
10 Vullerrestaurant	10	10	10
11	11	11	11
12 Vulle-Fudderplaz	12 Quetzalcoatlus Wollfierwen	12 Zaubertei mat Hunneg Toumai, Lucy a Co	12
13	13 Wollfierwen	13	13
14	14 Quetzalcoatlus	14 D'Natur erwächt Sching Schong Toumai, Lucy a Co	14
15 Exotesch Friichten Bieren	15 Quetzalcoatlus	15	15
16	16	16	16
17 Exotesch Friichten Bieren Brandmolerei	17	17	17
18	18	18	18
19	19 Pinguinen	19 Weedekonstruktiounen	19
20	20	20	20
21	21 Pinguinen	21 Weedekonstruktiounen	21
22 Exotesch Friichten Schläifen a ritzen	22	22	22
23	23	23 Eilen-Nuecht	23
24 Schläifen a ritzen	24	24	24
25	25	25	25
26	26 Natur-Rätselen Wiederfräsch	26 Bei de Vullen doheim	26
27	27	27 Bei de Vullen doheim	27
28	28 Natur-Rätselen Wiederfräsch	28 Bei de Vullen doheim	28
29 Fata Morgana Bëschdetektiv		29 Waassereexperimenter	29
30		30	30
31 Fata Morgana Bëschdetektiv		31	

# Waasservullen op der Sauer

Samsdeg, den 9. Februar 2013




Ettelbréck

Mir probéieren  
erauszufannen, wéi eng  
Vullenzorten op der Sauer bei  
Ettelbréck iwverwanteren.  
Vläicht begéine mir jo  
och Touristen aus dem  
Norden: wéi Grouse Seeër a  
Kormoran.

um 14.30 zu Ettelbréck  
(zréck: 16.00 Auer)

Claude Heidt





Nuets an engem däischtere  
Bësch probéiere mir Eilen ze  
héieren an ze gesinn.

um 19.00 Auer  
(zréck: 21.00 Auer)

Claude Heidt



# Eilennuecht

**Freideg, de 5. Abrëll 2013 (zu Esebuer)**


**Samsdeg, den 23. Mäerz 2013 (zu Ettelbréck)**



# Vullerrestaurant

Dënschdeg, den 8. Januar 2013

Donneschdeg, den 10. Januar 2013



Meesen, Spatzen a Co op der Fudderplaz kenneléieren a selwer e Menü fir si kachen.

um 14.30 Auer  
am 'natur musée' am Gronn  
(zréck: 17.00 Auer)

Claude Heidt



6-8 Joer



Vun Ananas, Papaya a Kiwien,  
vill Friichten aus Afrika, Asien  
an anere Länner. A mir mixen  
eis e gudden exoteschen  
Drink.

um 14.30 Auer  
am 'natur musée' am Gronn  
(zréck: 17.00 Auer)

Maria Ursone



# Exotesch Friichten

**Dënschdeg, de 15. Januar 2013**

**Donneschdeg, de 17. Januar 2013**

**Dënschdeg, den 22. Januar 2013**



# Bieren

Dönschdeg, de 15. Januar 2013 zu Housen

Donneschdeg, de 17. Januar 2013 zu Heischent



Mir léieren d'Famill vun de Biere kennen, kucken, wat si iessen, ob si Feinden hunn a wéi eng Ënnerscheeder et tëschent dem brongem, dem wäissen an dem schwaarze Bier gëtt.

um 14.30 Auer  
(zréck: 17.00 Auer)

Chantal Kerschen, Béatrice Casagranda





Bei dëser Aktivitéit däerfe mir net alles gleewen, wat mir gesinn.

um 14.30 Auer  
am 'natur musée' am Gronn  
(zréck: 17.00 Auer)

Claude Heidt



# Fata Morgana

Dënschdeg, den 29. Januar 2013

Donneschdeg, den 31. Januar 2013





# Taaschen, schmaachen, richen

Dënschdeg, de 5. Februar 2013

Donneschdeg, de 7. Februar 2013



Haart, mëll, rubbeleg oder  
glat???? Kal oder waarm; séiss  
oder sauer? Mir taaschen  
a schmaache ganz vill a  
riche vill gutt Parfumer. Mir  
maachen eis och en  
Ta Schma Ri Buch.

um 14.30 Auer  
am 'natur musée' am Gronn  
(zréck: 17.00 Auer)

Maria Ursone





Mir erfuerschen déi gréissten  
Déiere mat Flilleken, déi et  
bis elo gi sinn.

um 14.30 Auer  
am 'natur musée' am Gronn  
(zréck: 17.00 Auer)

Claude Heidt




# Quetzalcoatlus

**Dënschdeg, den 12. Februar 2013**

**Donneschdeg, de 14. Februar 2013**


**Freideg, de 15. Februar 2013**



# Pinguinen

Donneschdeg, den 19. Februar 2013 zu Housen

Donneschdeg, den 21. Februar 2013 zu Heischent



Mir kucken ons déi kleng Déieren am Frack eemol méi genee un. Sinn et wierklech Vigel? Kënne se fléien? Wou liewe se a viru weem musse se sech an Uecht huelen? Op all dës Froe fanne mir zesummen eng Äntwert.

um 14.30 Auer  
(zréck: 17.00 Auer)

Chantal Kerschen, Béatrice Casagrande





Mir maachen e grousst  
Rätselspill verbonne mat e  
puer Naturexperimenter.

um 14.30 Auer  
am 'natur musée' am Gronn  
(zréck: 17.00 Auer)

Christiane Flesch (Igel)



# Natur-Rätselen

Dënschdeg, de 26. Februar 2013

Donneschdeg, den 28. Februar 2013



# Zaubertéi mat Hunneg

Dënschdeg, de 5. Mäerz 2013

Donneschdeg, de 7. Mäerz 2013

Dënschdeg, den 12. Mäerz 2013




Verschiede Kraider an der Kiche kenneléieren a schmaachen an en extra Téi kachen, deen dir mat heem kënt huelen.

um 14.30 Auer  
am 'natur musée' am Gronn  
(zréck: 17.00 Auer)

Maria Ursone





No de laange Wanterméint fänkt et an der Natur nees un ze wibbelen. Éischt Planzen an Déiere stiechen hier Nues aus dem Buedem eraus an d'Villercher kommen aus dem Süden zréck. Mir si mat dobäi, wa si all erwächen!

um 14.30 Auer  
(zréck: 17.00 Auer)

Chantal Kerschen, Béatrice Casagrande



# D'Natur erwächt

**Dönschdeg, de 5. Mäerz 2013 zu Housen**

**Donneschdeg, de 14. Mäerz 2013 zu Heischent**



# Sching Schong

Donneschdeg, de 14. Mäerz 2013



Féiss, Zéiwen, Schong a Stréckelen ... Geschichten, Geknécheltes a Wëssen ëm Schong a Féiss. Mir maachen och selwer Schongcrème mat Beiwuess, déi s du kanns mat heem huelen.

um 14.30 Auer  
zu Manternach „A Wiewesch“  
(zréck: 17.00 Auer)

Michelle Grosbusch





Lëtzebuerg

Mir kucken eis ganz vill  
Vullennäschter un a léiere se  
vuneneen z'ënnerscheiden.  
Mir probéiere souguer  
mat Naturmaterialien e  
Vullennascht ze bauen.

um 14.30 Auer  
am 'natur musée' am Gronn  
(zréck: 17.00 Auer)

Maria Ursone



# Bei de Vullen doheem

**Dënschdeg, de 26. Mäerz 2013**

**Mëttwoch, de 27. Mäerz 2013**


**Donneschdeg, den 28. Mäerz 2013**





# Groussen Naturrallye

Dönschdeg, den 2. Abrëll 2013



Mir maache spannend  
Statioune mat Experimenter  
an Naturspiller, bei deene  
mir ons Ëmwelt besser  
kenneléieren.

um 10.30 Auer  
am 'natur musée' am Gronn  
(zréck: 16.00 Auer)

Christiane Flesch (Igel)





Schiltzbiérg

De Bësch stécht voller klenger a grousser Geheimnisser. Mir luussen a verstoppten Hielen eran, krabbelen duerch d'Ënnergehölz den Déierespueren no a versichen e puer vun deene sëllege Bëschbewunner ze erblécksen.

um 18.30 Auer  
um Schiltzbiérg  
(zréck: 20.30 Auer)

Mike Hagen



# Abenteuer Bësch


Mëttwoch, den 3. Abrëll 2013

Donneschdeg, de 4. Abrëll 2013



# Vullen op der Fudderplaz

Samsdeg, den 12. Januar 2013



Ettelbréck

Mir léieren déi verschidde Vullenzorten op der Fudderplaz (Meesen, Fénken & Co) kennen a gesi si souguer vu ganz no.

um 14.00 Auer  
zu Ettelbréck  
(zréck: 16.00 Auer)

Claude Heidt





Manternach

Mir teste verschidden Déieremotiver op klengen Holzstécker, ier mir dann eng Holzkëschtche mat Brandmolerei dekoréieren. Deng fäerdeg Këscht kanns du mat heem huelen.

um 14.30 Auer  
zu Manternach „A Wiewesch“  
(zréck: 17.00 Auer)

Michelle Grosbusch



# Brandmolerei

Donneschdeg, de 17. Januar 2013



# Schläifen a ritzen

Dönschdeg, den 22. Januar 2013

Donneschdeg, de 24. Januar 2013




Mir seeën, schläifen a ritzen am Specksteen. Jidderee schläift säin eegene Steen. Bei dëser Aktivitéit muss ee vill Gedold matbréngen, fir zum Schluss e flotten eegenen entworfene Steen mat heem kënnen ze huelen.

um 14.30 Auer  
am 'natur musée' am Gronn  
(zréck: 17.00 Auer)

Christiane Flesch (Igel)





Am Bësch héiert ee vill geheimnisvoll Geräischer, awer seelen erbléckst een och d'Déieren, déi dee Kaméidi maachen. Wéi richteg Detektive gi mir an de Bësch, fir no Spueren ze sichen an d'Déieren ze fannen.

um 14.30 Auer  
(zréck: 17.00 Auer)

Chantal Kerschen, Béatrice Casagrande



# Bëschdetektiv


**Dënschdeg, den 29. Januar 2013 zu Housen**  
**Donneschdeg, den 31. Januar 2013 zu Heischent**



# Storchen a Fligieren

Dönschdeg, de 5. Februar 2013

Donneschdeg, de 7. Februar 2013



Wéi kënnen Storchen, ouni sech midd ze man, e puer honnert Kilometer wäit fléien? Mir baue Fligieren, fir eng Äntwert op dës Fro ze fannen.

um 14.30 Auer  
am 'natur musée' am Gronn  
(zréck: 17.00 Auer)

Claude Heidt



# Wolfierwe spezial

Dönschdeg, den 12. Februar 2013

Mëttwoch, den 13. Februar 2013

Nodeems mir verschidde  
Planzefaarfstoffer  
kennegeléiert hunn, fierwe  
mir Woll mat verschidde  
Kraider a maachen eis e  
klengt Faarwebuch.



um 14.30 Auer  
am 'natur musée' am Gronn  
(zréck: 17.00 Auer)

Maria Ursone





# Wiederfräsch

Dënschdeg, de 26. Februar 2013

Donneschdeg, den 28. Februar 2013



Mir bauen eng einfach Wiederstatioun a kucken ons Satellitfotoen un, fir d'Wieder fir déi nächst Deeg virauszesoen.

um 14.30 Auer  
am 'natur musée' am Gronn  
(zréck: 17.00 Auer)

Claude Heidt





Manternach

Féiss, Zéiwen, Schong a Stréckelen ... Geschichten, Geknécheltes a Wëssen ëm Schong a Féiss. Mir maachen och selwer Schongcrème mat Beiwuess, déi s du kanns mat heem huelen.

um 14.30 Auer  
zu Manternach „A Wiewesch“  
(zréck: 17.00 Auer)

Michelle Grosbusch



# Sching Schong

Donneschdeg, de 7. Mäerz 2013



# Toumaï, Lucy a Co

Dönschdeg, den 12. Mäerz 2013  
Donneschdeg, de 14. Mäerz 2013



Mir vergläichen d'Schanke  
vun Toumaï, Lucy, Turkana  
Boy a Loschi mat deene vum  
Schimpans a vum Gorilla fir  
erauszefannen, wie mat wíem  
Famill ass.

um 14.30 Auer  
am 'natur musée' am Gronn  
(zréck: 17.00 Auer)

Claude Heidt





Mat Hummer, See a Ficelle  
gi mir an de Bësch a baue  
flott Konstruktiounen aus  
Weedenäsch.

um 14.30 Auer  
um Schiltzbiérg bäi Guedber  
(zréck: 17.00 Auer)


Mike Hagen



# Weedekonstruktiounen


**Dënschdeg, den 19. Mäerz 2013**

**Donneschdeg, den 21. Mäerz 2013**



# Waasserexperimenter

Freideg, den 29. Mäerz 2013



Waasser ..., wou kënnt et hir, wou geet et hin? Mat Waasser kann ee vill flott Experimenter maachen; Waasserpech, Äis wat schwëmmt, Waasserbiereg.

um 14.30 Auer  
am 'natur musée' am Gronn  
(zréck: 17.00 Auer)

Maria Ursone



9-10 Joer


# Groussen Naturrallye

Dönschdeg, den 2. Abrëll 2013

Mir maache spannend  
Statioune mat Experimenter  
an Naturspiller, bei deene  
mir ons Ëmwelt besser  
kenneléieren.

um 10.30 Auer  
am 'natur musée' am Gronn  
(zréck: 17.00 Auer)

Christiane Flesch (Igel)



# 2 Deeg mam Vëlo zu Remerschen

vun Donneschdeg, de 4. Abrëll 2013  
bis Freideg, de 5. Abrëll 2013



Mir fuere mam Vëlo laanscht d'Musel, maache Spiller, Rallye an erfuerschen ons Natur. Mir siche mat Kompass a Kaart flott Weeër duerch d'Wéngerten. Fir matzegoen brauchts du e Vëlo.

um 10.30 Auer zu Remerschen  
(zréck Freides um 16.00 Auer)

Christiane Flesch (Igel)



# Opléisung Quiz 5/2012


Léisung:  
esou huet jiddfer Uebst säi  
richtegen Numm!

Ënnert de ville richtegen  
Äntwerten hu mir ee  
Gewënner gezunn: Et ass de

**Sam Köller**

vun Noertzange.

**Mir gratuléieren!**





# Quiz 1/2013

Wie steet hei op de Bus ze waarden?

Däin Numm:

-----

Deng Adress:

-----


-----

-----

Schéck deng Äntwert un:

Panda-Club  
25, rue Münster  
L-2160 Lëtzebuerg

[panda-club@mnhn.lu](mailto:panda-club@mnhn.lu)



# äert Pandateam

**Mike Hagen**  
Animatioun

**Michelle Grosbusch**  
Animatioun

**Claude Heidt**  
Animatioun

**Christiane Flesch**  
Animatioun

**Sabine Goerens**  
Graphik



**Sylvie Hagen**  
Graphik

**Chantal Kerschen**  
Animatioun

**Maria Ursone**  
Animatioun

**Edith Pedroso**  
Sekretariat

# Schreif dech an um Internetsite vum Panda Club a profitéier vun dëse Virdeeler:



Du kanns dech fir Aktivitéiten umelle just mat dengem Benutzernumm an engem Passwuert. Du brauchst also net méi all Kéiers däin Numm, Virnumm, Gebuertsdatum, asw. anzedroen fir dech unzemellen.



Du kanns online kucken, bei wat fir enge Aktivitéiten s du an der Vergaangenheet schonns matgemaach hies.



Du kanns online kucken, fir wat fir eng zukünfteg Aktivitéiten s du dech ugemellt hies.



Du bass sécher, datt deng Umeldung bei eis ukomm ass, wa se ënnert dengem Login ugewise gëtt.



Du kanns online kucken, ob s du ugeholl bass oder ob s du op der Waardelëscht stees.

[www.panda-club.lu/umeldung.aspx](http://www.panda-club.lu/umeldung.aspx)

